

3, rue de l'Eglise  
L-8606 Bettborn

Alex Stamerra  
51A, rue de Folschette  
L-8613 Pratz

Pratz (Horace), le 20 septembre 2016

Concerne: pétition contournement Préizerdaul

Här Buergermeeschter,

An der Gemengerotssëtzung vum 27. Juni hutt Dir behaapt, datt di ganz Diskussion ronderëm de geplangte Contournement net Ären Dossier wier an datt de Ball am Moment bei Ponts & Chaussées resp. beim zoustännege Minister läit (cf. Tageblatt-Artikel vum 29. Juni).

Den Här Gira anersäits behaapt am Tageblatt vum 8. Juli: „Es ist eigentlich nur noch eine Sache zwischen Gemeinde und Unternehmer; ich bin aber gerne bereit, Vermittler zu sein.“

Dat nennt ee wuel „semer la zizanie“! Hei schéngt also een deem aneren de Schwaarze Péiter zouzespillen ... Dat suergt net grad fir Transparenz. Wou bleift hei dee berühmte konstruktiven Dialog?

Mir hunn an der Tëschenzäit via Petitioun 583 (!) Ënnerschrëften (cf. Weblink: [openpetition.de/!cnkjkx](https://openpetition.de/!cnkjkx)) vu concernéierten a konsternéierte Biergerinnen a Bierger gesammelt, déi genau sou wéi mir fir eng aner, besser Léisung plädéieren. Et kann een also net méi higoen an einfach behaapten, datt een ebe mat déier Situatioun liewe muss.

Ob Dir et wëllt oder net, spéitstens elo ass et schonn Ären Dossier. E Buergermeeschter misst sech am Prinzip fir seng Bierger asetzen, dofir ass e jo schliisslech gewielt ginn!

Mir hoffen also staark, datt Dir Iech an dëser Saach vläicht méi eescht Gedanke maacht a selwer mol intervenéiert, fir aus dëser verfuerener Situatioun erauszekommen, an zwar am Intressi vun ALLE Biergerinnen a Bierger aus der (nach) schéiner Gemeng Préizerdaul.

Net datt et zum Schluss heescht:

„E war zevill am Äifer,  
Da léisst en sech net zëssen,  
Wéi all seng Frënn an Noper  
Am Préizerdall wuel wëssen.“

Merci am Viraus.

Initiativ Ëmgehungsstrooss Préizerdall:

Alex Stamerra, Chantal Stamerra-Koelsch, Ady Schmit, Josée Schiltz, Marie-Lucie Schaack,  
Joseph Reinard, Sylvie Heirendt

PS: Mir stinn natierlech fir all weider Gespréicher zur Verfügung.